

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Laut der Police Statistik, déi de 26. Mäerz 2021 publizéiert gouf, goufen 2020 zu Lëtzebuerg 420 Leit net nëmmen Affer vun Iwwerfäll, mee dobäi och nach kierperlech verletzt. Zousätzlech kruten 153 Leit hiren Handy an/oder hir Simkaart geklaut.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister.

- 1) Wéivill vun dësen Iwwerfäll goufen opgekläert?
- 2) A wéiville Fäll koum et zu enger Verurteilung duerch d'Justiz?
- 3) Wéi eng Täterprofiller hunn sech erginn?
- 4) Wéi verdeelen sech dës Iwwerfäll op déi eenzel Gemengen?
- 5) Kann d'Regierung eenzel Plazen nennen, wou et besonnesch vill Iwwerfäll gouf?
- 6) Wéivill vun dëse Gewaltaffer hu missen an d'Spidol ageliwwert ginn?
- 7) Wéi erkläert d'Regierung, datt dës Zuel trotz den Ausgangsbeschränkungen am Kader vun de COVID-Aschränkunge par Rapport zu 2019 souguer nach geklomm ass?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten